

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Den 8. Juni war op RTL ze liesen, datt iwwert d'Joer 2021 gekuckt, 24 Persounen op eise Stroosse leie bliwwe wieren an 260 "schwéier verwonnt" goufen. Den Här Minister gëtt am selwechten Artikel mat der Ausso zitéiert, datt d'Zuel vun de Verkéiersdoudengen domat zanter 2013 ëm 49 Prozent gefall wier. Gläichzäiteg ass dovun auszegoen, datt d'Zuel vun den Immatriculatiounen opgrond vum demographesche Wuesstem staark zougeholl huet, an datt opgrond vum ekonomesche Wuesstem uewendrop nach eng Rei zousätzlech Gefierer op eise Stroossen dobäi koumen.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Minister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister matdeelen, wéini eng Persoun no engem Accident als "schwéier blesséiert" gëllt a preziséieren, säit wéini déi Definitioun applizéiert gëtt?
- 2) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Autoe während de Joren 2000-2020 jeeweils zu Lëtzebuerg immatrikuléiert waren, wéi vill Autoen (approximativ) pro Dag duerchschnëttlech op eise Stroossen ënnerwee waren, wéi vill Leit all Joers op eise Stroosse leie bliwwe sinn a wéi vill der schwéier verwonnt goufen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6415 vum 28. Juni 2022 vum Här Deputéierten Jeff Engelen.

Fir d'Opstelle vun de Statistiken iwwer d'Stroossenaccidenter benotzt Lëtzebuerg d'Definitiounen, déi an den EU-Länner üblech sinn. Als « schwéier blesséiert » gelt deemno eng Persoun, déi no engem Accident 24 Stonnen hospitaliséiert ass, respektiv déi dëser Definitiou vum STATEC entsprécht :

« Sont considérées comme gravement blessées les victimes qui souffrent d'une fracture quelconque, d'une commotion, de lésions internes, de coupures et déchirures, de contusions ou d'autres lésions entraînant une hospitalisation dont la durée égale ou dépasse un jour ».

A folgendem Tableau ass déi jeeweileg Unzuel vun Doudegen, schwéier Blesséierten an ugemellte Gefierer vun de Joren 2000 – 2020 ugewisen. Eng regelméisseg Statistik vun der Unzuel vun den Autoen déi dagdeeglech op der Strooss si gëtt an dësem Sënn net erhuewen.

	2000	2001	2002	2003	2004	2005	2006	2007	2008	2009
Tués	76	70	62	53	50	47	43	45	35	48
Blessés graves	400	352	351	331	297	307	319	286	290	288
Véhicules immatriculés	318914	331294	340944	352207	360749	368659	378304	387871	397453	407791

	2010	2011	2012	2013	2014	2015	2016	2017	2018	2019	2020
Tués	32	33	34	45	35	36	32	25	36	22	26
Blessés graves	266	317	339	316	245	319	249	256	273	248	217
Véhicules immatriculés	411443	419154	430097	442187	431245	443250	453837	466472	482001	496326	509975

Déi Donnéeë sinn ëffentlech a kënnen vu jiddwerengem zu all Moment um Site vum STATEC opgeruff ginn (<https://statistiques.public.lu/fr.html>).

Betreffend der Unzuel un Autoen (approximativ), déi dagdeeglech duerchschnëttlech op eise Stroossen ënnerwee waren, leie mir keng Zuelen oder Schätzunge fir, déi op déi gewünschte Statistik schlësse kéinte loossen.

Lëtzebuerg, den 25. Juli 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch